N°2747
Entrée le 06.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An de leschte Joren huet d'amerikanesch Technologiefirma Palantir Technologies verstäerkt Kontrakter mat europäesche Regierungen ofgeschloss fir Datenanalys- a Iwwerwaachungsservicer. Dës Entwécklung huet zu intensiven Diskussiounen iwwer Dateschutz, Souveränitéit an d'Transparenz vun ëffentleche Kontrakter mat auslänneschen Tech-Gigante gefouert. Verschidden EU-Länner hu scho Kollaboratioune mat Palantir agestallt, besonnesch am Beräich vun der Policeaarbecht, Migratiounsiwwerwaachung an nationaler Sécherheet.

Am Kontext vun der aktueller europäescher Debatt iwwer digital Souveränitéit an d'Noutwendegkeet fir transparent ze si wat d'Benotzung vun auslänneschen Datenanalyseservicer ugeet, ass et wichteg ze wëssen, ob an a wéi engem Ëmfang Lëtzebuerg mat sou Entreprisen zesummeschafft. Dëst betrëfft net nëmmen Aspekter vum Dateschutz, mee och d'Fro no der demokratescher Kontroll iwwer sensibel Informatioune,, déi vum Staat gesammelt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn et tëscht der Lëtzebuerger Regierung oder hir Ministèren aktuell Kontrakter mat der Firma Palantir Technologies fir Datenanalys, Iwwerwaachung oder aner Servicer?
    - Falls jo, zu wéi enge Ministèren oder Verwaltungsunitéiten existéieren dës Kontrakter, a wat sinn hir Haaptobjektiver?
2. Wéi eng Daten oder Informatioune ginn u Palantir iwwerdroe, a wou ginn dës Datë stockéiert a verschafft?
3. Wéi eng Kontrollmechanisme sinn en place fir ze garantéieren, datt d'Benotzung vun dëse Servicer mat de lëtzebuergeschen Dateschutzgesetzer konform ass?
4. Gouf eng Impaktanalyse gemaach wat d'Ofhängegkeet vun auslänneschen Datenanalysefirmaen ugeet?
5. Wéi vill kaschten dës Servicer de lëtzebuergesche Staat, a wéi ginn dës Ausgaben am Budget opgefouert?
6. Ginn et Alternativpläng fir dës Servicer duerch europäesch oder national Léisungen ze ersetzen oder ganz ofzeschafen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten